N° 6883
Entrée le 22.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.09.2022

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden:

A Saache Coronavirus sot den amerikanesche President Joe Biden, ganz rezent, datt d'Pandemie eriwwer ass, dat an engem Interview mat der Chaîne „CBS". Schonn Enn August hat de franséische President Emmanuel Macron offiziell erklärt datt d'Pandemie a Frankräich eriwwer ass.

An dësem Kontext géif ech gären der Regierung folgend Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zu dësen Aussoen vun deenen zwee Presidenten?
2. Vu datt d'Fäll vu Covid-Erkrankungen, och hei am Land, op engem niddrege Niveau sinn, wär et net opportun fir ze declaréieren datt d'Pandemie eriwwer ass, fir mam Virus ze liewen an eens ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten